PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9te Juni 2022

Gesetzesprojet 7950 Superdreckskëscht Demande

Här President,

ech bieden Iech, dëse Bréif un de President vun der Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Energie et de l'Aménagement du territoire weiderzeleeden.

Am Kader vun der parlamentarescher Prozedur vum Gesetzesprojet 7950 iwwert de Finanzement vun der Aktioun Superdreckskëscht stellen sech e puer Froe betreffend dem Fonctionnement vun der Aktioun Superdreckskëscht. An der leschter Kommissiounssitzung hat d'Ëmweltministesch gesot, dass verschidde Markerechter vun der Aktioun Superdreckskëscht wäerten un de Staat transferéiert ginn. Fir ee méi transparent Bild dovunner ze kréien, froen d'Piraten d'Ëmweltministesch, fir eng detailléiert Lëscht ze kréien wéi eng Marken un de Staat wäerten transferéiert ginn a wéi eng net.

Mat Respekt,

GOERGEN Marc

Député